

**Presse Kommuniké zum Thema Aide Financière
Positioun vun der ACEL an hire Membercerclen**

Den 20. Juni 2013 gouf dat aalt Gesetz vun der Aide Financière duerch den Europäesche Geriichtshaff gekippt. Dëst bedauert d'ACEL well den ale System doduerch finanziell net méi méiglech war. Elo läit en neie Gesetzprojet fir. Den 28. Februar huet d'ACEL sech Positiv zu dësem Projet ausgeschwat, awer eng Rei Punkte kritiséiert.

Déi aktuell Kommunikatiounspolitik vun der Regierung léist een am Moment drop schléissen dass just un de Studente gespuert gëtt, aus dem Grond huet den ACEL Comité e Samschdeg den 29. Mäerz op dem Event "ACEL meets Prési" Presidenten oder aner Vertrieder vun den eenzelne Studentecerclen getraff, fir d'Thema Aide Financière nach eng Kéier ze beschwätzen. Déi Cerclen déi net present konnte sinn haten d'Méiglechkeet eng schrëftlech Stellungnam eran ze schécken.

D'Resultat vun dëser Reunioun sinn eng Rei Proposen déi d'ACEL an hier Cercle maachen fir de Gesetzprojet ze verbessern:

1. D'Bourse de Base soll op de Montant vum Kannergeld fixéiert ginn.

All Student soll mindestens d'Recht op de Montant vum Kannergeld hunn. Aus dem Grond proposéiere mir d'Bourse de Base op de Montant vum Kannergeld un ze hiewen. Fir d'Käschten awer a Grenzen ze halen soll den Deel den d'Bourse de Base erop geet bei der sozialer Bourse ewech geholl ginn.

Firwat bei der sozialer Bourse?

D'ACEL war vun Ufank un dogéint erëm sozial Critèren an de Bourse System anzeféieren. Mir sinn der Meenung dass de sozialen Undeel mat 2500€ d'Joer bei der aktueller Proposition vill ze héich ass. Dëst geet géint d'Autonomie vum Student, déi mir ëmmer verdeedegt hunn. Ausserdeem ginn duerch dëse sozialen Deel fir vill Studente Sue verluer.

2. Déi Studenten déi kee Recht op de volle Montant vun der sozialer Bourse hunn sollen d'Méiglechkeet kréien dësen Deel als Prêt ze huelen.

An dësem Fall hätt all Student d'Méiglechkeet den nämmechte Montant ze kréien, och wann den Undeel um Prêt a verschiddene Fäll méi héich wier. Beispill: E Student den näischt vun der sozialer Bourse zegutt huet kritt déi ganz sozial Tranche als Prêt, e Student den d'Halschent zegutt huet kritt déi aner Halschent als Prêt.



Association des Cercles d'Etudiants Luxembourgeois

BP 63 | L-7201 Bereldange
1, rue de la Loge | L-1945 Luxembourg

contact@acel.lu | www.acel.lu
+352 691 420 538 / 539 / 540

BCEE LU56 0019 2100 0834 4000
CCPL LU94 1111 0915 5887 0000

RCS Luxembourg F969



SPUERKEESS

3. Méi Studentewunnengen oder eng Wunnengsbäihëllef fir d'Studente vun der Uni Lëtzebuerg

Um Critère vun der Mobilitéitsbourse stéiert eis dass déi Lëtzebuenger Residenten déi zu Lëtzebuerg studéieren an awer e Loyer ze bezuelen hunn kee Recht op dës Bourse hunn. E Student den zum Beispill op der Wämperhaart wunnt, awer um Belval studéiert an do och eng Wunneng huet soll ënnerstëtzt ginn. All Student op der Uni.lu soll op bezuelbar Wunnengen zougräife kënnen. Mir verstinn dass dëst op Grond vun den Erasmuscritèren net iwwer d'Mobilitéitsbourse méiglech ass. An dem Fall sollten awer Studentewunnengen zu präiswäerte Loyeren verfügbar sinn. Als Alternativ dozou kéint och eng Wunnengsbäihëllef etabléiert ginn.

4. Wa Sozial Critère gekuckt ginn da sollen se richteg gekuckt ginn

Wa muss gespuert gi soll net bei deene sozial Schwaachen ugefaang ginn. Dowéinst ass d'ACEL derfir dass wann een erëm sozial Critèren aféiert, da soll een sech net just op de Revenu vun den Eltere beschränken, mee all relevant sozial Critère betruechten, wéi zum Beispill d'Unzuel vun de Kanner am Stot.

5. Dat Joer wat een am Bachelor méi zegutt huet soll engem am Master gutt geschriwwe ginn wann een de Bachelor an der Regelstudienzäit gepackt huet.

Den neie Gesetzprojet gesäit fir dass een am Bachelor ëmmer nach wéi bis elo 1 Joer méi wéi d'Regelstudienzäit Recht op d'Aide Financière huet, am Master fält dat awer ewech. Mir proposéieren dass een de säi Bachelor an der Regelstudienzäit gepackt huet dëst Joer am Master zegutt huet. Et ass nämlech net ëmmer einfach eng Ofschlossaarbecht ze fannen oder se an der Virgesinnener Zäit ze maachen. Am Master huet een och oft d'Méiglechkeet duerch Projeten Erfahrungen ze sammelen. Leider huet dat oft als Konsequenz dass een net an der Regelstudienzäit fäerdeg gött.

Weider Fuerderunge vun der ACEL sinn dass den neie System net zu onméigleche bürokrateschen Demarchë féiert, dass d'Bourse séier no der Demande ausbezuelte gött an dass d'Anti-Cumul Regelungen dofir suergen dass keng Diskriminéierung vu Lëtzebuenger Residenten entsteet.

Contact

Tom Hermes
President
+352 691 420 538
contact@acel.lu